



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
*Ministère des Affaires étrangères  
et européennes*

Le Ministre de la Coopération  
et de l'Action humanitaire

**Deklaratioun vum Minister Romain SCHNEIDER**  
**iwwert d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik**  
**Chambre des députés – 23 November 2016**

---

Et zielt dat geschwatent Wuert

Här President,  
Dir Dammen an dir Hären Deputéierten,  
Mesdames et Messieurs les Représentants des Mission diplomatiques,  
Dir Dammen an dir Hären,

Ech géif haut hei eigentlech gären mat enger villäicht erstaunlecher Ausso ufänken, an zwar der, dass an den Grondprinzipien vun der lëtzebuenger Entwécklungshëllef alles d'selwecht bleift an eisen Objektiv weider doran besteet, eise Budget an all eis Kapazitéiten fir den Kampf géint Aarmut an der Welt anzesetzen.

An aneren Zäiten wär dat eng langweileg Ausso gewiescht. An heitegen Zäiten ass d'ëst net nëmmen eng positiv Positioun, mä eng ganz gutt Nouvelle fir all déi, deenen et net esou gutt geet an déi eis Solidaritéit dringend brauchen. Mir stinn zu eisem Programm, deen d'Regierung sech ginn huet fir 1% vun eisem RNB an d'Entwécklungshëllef an d'humanitär Hëllef ze investéieren, well et eis moralesch Obligatioun ass, well et eis global Responsabilitéit ass, an well et an eisem globalen Interessi ass.

Mir applizéieren weider d'Additionalitéit vu den Klimafongen an rechnen an der öffentlecher Entwécklungshëllef keng Dépensen un fir den Accueil vun Réfugiéen zu Lëtzebuerg. Dat ass en politesche Choix zu deem mer stinn, an deen och am Aidwatch Rapport vun 2016 vun CONCORD ervirgehuewen gëtt. Lëtzebuerg steet hei ganz uewen op der Lëscht vun der reeller Entwécklungshëllef, déi net kënschtlech opgeblosen ass.

An verschiddenen Debatten an der Europäescher Unioun an an enger Rei Memberstaten ass dat wat eis richtig schéngt, net méi esou evident.

Ënnert dem Drock vun der Migratioun, déi eis 2015 an Europa méi massiv erreecht huet, ginn eng Rei vun Engagementen a Froe gestallt. D'lëtzebuenger Présidence vum Conseil 2015 huet hei opgepasst. Ech soen besonnesch dem Minister Asselborn an senger Équipe vun der Immigratioun hei villmools merci.

Mir fueren weider op allen Niveaue ze soen, dass d'Migratiounssituation natierlech en Element vun der Entwécklungshëllef an der humanitärer Hëllef ass, mä mir nuancéieren den Message. D'Aktiounen géint Aarmut sinn eis Missioun. Aarmut an Perspektivlosegkeet kënnen Facteurs sinn fir d'Leit ze obligéieren hir Heemecht ze verloossen. Dofir ass et wichteg mat der Entwécklungshëllef, besonnesch der Jugend, Perspektiven ze schafen. Dat maachen mir iwwert eis Programmen an den Partnerlänner, an der Gesondheet, an der Educatioun an an der Formation professionnelle. Mä d'Leit sinn oft op der Flucht, wéinst villen aneren Facteurs, wéi z. B. an Syrien, Irak oder Afghanistan.

Mir maachen keng Entwécklungspolitik mat dem eenzegem Objektiv Migratioun ze verhënneren. Migratiounen sinn et nach ëmmer ginn. An mir wëssen och, dass mam Wuesstem vun der Bevëlkerung wéi z.B. an Afrika, et weider grouss Migratiounsphenomener wäerten ginn. Den Senegaleseschen President huet vrun kuerzem ënnerstrach, dass nëmme 15% vun den Migranten aus Afrika an Europa ginn. An dass den Retour vun Gelder vu der Diaspora fir säin Land en Revenu ass, op deem hien net verzichten kann.

Et ginn eben keng einfach Solutiounen fir des grouss Froen vun der Migratioun, an et kann een se net kuerzfristeg beäntweren. Den Trust Fong, deem d'EU um Sommet zu La Valette opgesat huet, probéiert zesummen mat den Partnerlänner den groussen Spagat ze maachen tëschent den laangzäit Realitéiten um Terrain an dem kuerzfristegen Wënsch an Europa. Lëtzebuerg fiert hei weider déi richteg Arbitragen ze fuerderen. Nom leschten Europäeschen Conseil huet eisen Premier Minister nach eng Kéier kloer gesot, dass öffentlech Entwécklungshëllef fir den Kampf géint Aarmut agesat muss ginn. Et ass eben Zéit Évidenzen ze widderhuelen an fir si öffentlech anzestoen.

Här President,

Och wann mir an de Prinzipien vun der öffentlecher Entwécklungshëllef bleiwen wat mir sinn, heescht dat net, dass mir net un eisen Instrumenter Verbesserungen maachen, fir eis un den neie Kader vum Agenda 2030 un ze passen an fir méi efficace en général ze sinn.

Den Agenda 2030 mat sengen 17 nohaltegen Zieler, gekoppelt mat den Resultater vum Juli 2015 zu Addis iwwert den Finanzement vum Développement, stellen eisen neie Kader duer. Dozou kommen nach d'Engagementer vun der COP21 vu Paräis, mä och d'Konferenz vu Sendai an de Sommet humanitaire mondial.

Duerch seng Globalitéit an seng Universalitéit bréngt den Agenda 2030 den Développement an en neit Zäitalter, wou d'Entwécklungshëllef, mä och all aner Politiken, aus hiren Siloen eraus an iwwert den Tellerrand kucken müssen, wéi dat eent mat deem aneren zesumme passt, wéi dat Zesummespill gutt oder schlecht Effekter huet, global, bei eis mä och an den Entwécklungslänner. Dës nei Superkohärenz vun den Politike fir d'nohalteg Entwécklung däerf net vergiessen fir och ëmmer erëm en speziellt Ae op d'Entwécklungslänner ze werfen, op déi fragilsten an déi vulnerabelste Länner an Leit. Keen däerf an der neier Démarche op der Streck bleiwen.

D'Entwécklungspolitik muss sech also och méi op maachen fir Dialoger ze féieren, déi manner traditionell sinn. Esou zum Beispill müssen mer operationell kucken, zesummen mat der Ministerin Dieschbourg, wéi mer géint den Klimawandel, den Objektiv 13 vum Agenda 2030, virginn. Mir müssen mat

der Ministerin Mutsch klären, wéi den Objektiv 5 vun der Chancëgläichheet ëmgesat gëtt. Mir müssen och den Nexus Sécherheet an Entwécklung praktesch definéieren mat deenen Limiten, déi den Comité d'aide au développement vun der OCDE fir d'ëffentlech Entwécklungshëllef gesat huet. Mam Minister Gramegna sichen mir méi Konvergenzen tëschent den lëtzebuerger Interventiounen an den Entwécklungsbanken an eisen bilateralen Partenariaten. Mir ginn verschidden Engagementer bewosst zesummen un, mat regionalen Programmen z.B. an Zentralamerika, an am Beräich vun der Stärkung vun eegene Steierressourcen an den Partnerlänner. Bilateral Steieraccoren mat eisen Partnerlänner sinn hei en wichtige Bausteen.

D'Ëmsetzen vum Agenda 2030 heescht fir mech, dass d'Entwécklungshëllef och en Deel gëtt vun all den sektorielle Politiken. Innepolitik an Aussepolitik sinn net méi separate ze kucken. An deem neien Gefüge muss jiddereen nach seng richteg Platz fannen, ouni deem aneren op d'Féiss ze trëppelen. Zu Lëtzebuerg geet dat extrem gutt. D'activ Präsenz vun verschiddenen Ministeren op den leschten Assisen vun der Kooperatioun ass hei d'Demonstratioun vun deem neien Denken an Handelen.

An der Europäeschen Unioun ass des Démarche och am gaangen ëmgesat ze ginn, duerch eng éischt Proposition, déi gëschter eraus komm ass iwwert den Agenda 2030 an eng aner Proposition fir en neien Konsensus iwwert d'europäesch Kooperatiounspolitik. Hei wäerten déi verschidden Instrumenter an Modalitéite vun där EU Politik nei definéiert ginn. Dorënner fällt och d'Programmation conjointe tëschent der EU an den Member Staate. Mir gesinn dat positiv, mä wëllen et weider als eng volontaire Démarche ugesinn. Och wäert mussen diskutéiert ginn, ob weider Fonds fiduciaires ënnert der Gestiou vun der Europäeschen Kommissioun dat richteg Finanzinstrument sinn, fir d'EU Entwécklungspolitik. Mir sinn do net ganz sécher. Dorunner gekoppelt ass d'Proposé iwwert d'Zukunft vun dem Accord vun Cotonou. Den nächsten Méindeg hunn d'Entwécklungsministere eng éischt Diskussioun heiriwwer.

Här President,  
Dir Dammen an dir Hären,

Op der Basis vun deem neien internationalen an europäesche Kader vun der Entwécklungspolitik muss och d'lëtzebuerger Kooperatioun hir Strategien iwwerschaffen. Ech muss zou ginn, dass mir e bëssen ënnerschat haten, wat deesen Paradigmewiessel wierklech bedeit. Eng Adaptatioun vun eisen Strategien geet net duer. Mir brauchen eng nei generell Strategie, déi eis Zieler, eis Methoden an eis Prioritéiten beschreift, mä och eist zesummen schaffen mat deenen aneren Secteuren, wéi d'Finanzen, d'Ëmwelt, Gesondheet etc. Mir wëllen eis generell Strategie bis Enn Januar fäerdeg hunn. Dëst wäert mat eisen ONGen beschwat ginn, esou wéi mat den

Kollegen Ministeren an ech wäert se natierlech och an der Chamberskommissioun virstelle kommen.

An eiser genereller Strategie musse mer festleeën, wéi mir dat Thema vun de Partnerlänner ugin. Sait Januar 2016 hunn mir eis Konzentratioun op manner Partnerlänner, an prioritär op déi mannsten entwéckelte Länner, verstärkt.

Mir hunn keng laangjäreg indicativ Programmen méi mam Vietnam an Salvador, well mir mat diesen Länner als pays à revenu moyen, eng aner Relatioun wëllen kréien. Eis Exit Strategie aus diesen 2 Länner sinn ganz verschidden, jee no Interessi op béiden Säiten, mä an béiden Fäll ginn mir net vun haut op muer alles op. Verschidden Interventiounen ginn an deenen 1-2 nächste Joer eréischt zu Enn bruecht an konsolidéiert. Am Vietnam gëtt eis laangjäreg Relatioun mat der Finanzopsicht an eis Formationsoffer am Finanzberäich iwwert ATTF, elo House of Training, esou verankert, dass mir wäit iwwert d'Kooperatioun eraus bilateral Partner bleiwen. Nei Beräicher vun bilateraler Kooperatioun ginn ausgebaut, z.B. am Changement climatique oder mat der lëtzebuerger Biobank.

Am Salvador fueren mir weider eisem Partnerministère seng Relatiounen mat den lokalen ONGen ze stäerken, well mir gleewen, dass eng Stäerking vun der Zivilgesellschaft am Opbau vun enger Demokratie indispensabel ass. An genau do wëllen mir nach weider hëllef. De Salvador sicht bewosst sech un Experienzen vun anere Länner aus der Region, wéi z.B. Mexiko, ze orientéierten fir d'Rad net all Kéier nei ze erfannen. An dieser süd-süd Kooperatioun, déi op der Konferenz vun Addis erfier gestrach ginn ass, kennen mir mat vill manner Mëttele, wéi an engem PIC, dem Salvador genau esou behëlleflech sinn, fir dës Échange vun Experienzen mat ze finanzéieren. Dëst ass fir mech de Modell, wéi öffentlech Entwécklungshëllef mat vill manner Mëttele an mat Eegemëttele vum Partnerland d'Differenz maachen kann. Ech freeë mech am Fréijoer am Salvador mat mengem Kollegen Miranda diese Modell vun enger anerer bilateraler Relatioun ze stäerken.

Mir sinn am Moment also an 7 Partnerlänner, 5 an Westafrika, 1 an Sud-Ost Asien an 1 an Zentralamerika.

Mir wëllen eis öffentlech Entwécklungshëllef prioritär op PMAe konzentréieren, esou wéi dat och an den Konklusiounen vun der Konferenz vun Addis vum Juli 2015 an um Sommet am September 2015 zu NY fest gehalen ginn ass. An mir bleiwen an diese Länner prioritär an de sozialen Secteuren, déi fir eis d'Basis vun engem Développement sinn, deen all Einzelne mathält, esou wéi dat am Agenda 2030 ënnert dem Motto "leave no one behind" festgeschriwwen ass.

Oft ginn ech gefrot, op mir nei Partnerlänner wëllen identifzéieren, an ënner wat fir enge Kriterien. Ech schléissen net aus, nei Partnerlänner ze

designéieren, à condition dass et PMAe oder fragile Staate sinn, dass mir eng Valeur ajoutée fir den Développement vun dësem Land kennen bréngen, -well mir si jo awer e klengen Acteur,- an dass mir d'Méiglechkeeten hunn fir als Ministère an mat eiser Agence Lux-development op der Plaz present ze sinn, fir eis Projeten ze begleeden. Eng existéierend Experienz vun eisen ONGen an engem Land ass bei dëser Démarche en Facteur, deen mir och wäerten an Betracht zéien. En eventuell Partnerland muss natierlech och den néidege Basiskader geschaf hunn, wat seng sozial an wiirtschaftlech Entwécklung ubelaangt an bereet sinn seng Gouvernance nom ODD 16 ze gestalten. A fragile Länner oder an Länner, déi aus déiwe Krisen kommen, heescht et och des Gouvernance mat schafen. Eng préliminaire Étude pro eventuellem neie Partnerland muss gemaacht ginn, wou des Facteuren jee no Fall gekuckt ginn.

Am Moment sinn mir am Myanmar am gaangen en éischten Projet ëmzesetzen, an en zweeten ass an der Preparatioun. Mir kucke mat den Autoritéiten, ob mir e gemeinsamen Nenner fannen. Mir wëlle jo conforme no den Prinzipien vu der Efficacitéit als Partner schaffen an op eng Demande äntwerten. Den Minister Asselborn huet vrun kuerzem am Myanmar Gespréicher gefouert an ech wäert och an der éischer Halschent 2017 sur place sinn fir dës weider ze féieren.

Ech ginn öfters gefrot firwat mir nach an Zentralamerika present sinn. En Deel vun der Äntwert ass déi nei Relatioun mat Salvador, mä och d'Kontinuitéit vun eiser Ënnerstëtzung fir d' Nicaraguanesch Bevëlkerung. D'politesch Situatioun an dësem Land ass net einfach no de lëschten Wahlen, mä och an Länner op aneren Kontinenter haten mir schwéier politesch Kontexter. Mir müssen dann eis Modalitéiten an Prioritéiten de Gegebenheeten upassen. Dozou gehéiert och Aktiounen mat der lokaler Zivilgesellschaft a mam Privatsecteur.

Mä au-delà vun dësen punktuellen Ursaachen ass et fir mech indispensabel dass d'lëtzebuerger Kooperatioun an deenen dréi Kontinenter, - Afrika, Asien, Lateinamerika, -present ass. Déi ganz verschidden Aarbechtsweisen an Gouvernance Modeller erlaben eis Problemer méi global unzegoen. Eis diplomatesch Präsenz ass och eng Beräicherung fir eis aussepolitesch Aarbecht, iwwert d'Kooperatioun eraus.

Här President,

All eis Partner an der Kooperatiounspolitik, dat heescht déi aner Ministère, eis prioritär Partnerlänner, d'international Organisatiounen an d'national an international ONGen, esou wéi de Privatsecteur, wäerten an der neier genereller Strategie hir Platz kréien.

Ech géif an dem Kontext gären eng Kéier méi an den Detail vun eisen Relatiounen mat den multilateralen Agencen agoen. Verschidde vun hinnen

hunn niewent hirem operationellen Arem um Terrain och eng normative Roll, wéi d'International Organisatioun vun der Aarbecht oder d'Weltgesundheitsorganisatioun. An deenen läschten Joer hunn mir eng manner héich Unzuel vun Projeten mat den Agencen, mä dofir méi grousser, an där, déi direkt mam Haaptobjektiv vun jidder Agence zesammenhänken.

Esou hunn mer en groussen Programm mat der Weltgesundheitsorganisatioun iwwert d'Stärkung vun den Gesundheitssystemer, deen besonnesch Westafrika betrifft, an séit kuerzem och de Laos. Duerch esou e fundamentalen Projet konnte mer indirekt mat hëllefen, dass d'Ebolakris sech am Mali net verbreet huet. Dësen multilateralen Programm ass och komplementar zu eisen bilateralen Gesundheitsprogrammen am Laos an am Senegal. Alles passt ënnert den Objektiv vum universellen Accès zu Gesundheitsdiensten. Mam PNUD schaffen mir am Beräich vun der Gouvernance an der Dezentralisatioun.

An eisen Programmes indicatifs de cooperation mat den Partnerlänner sinn je no Fall 10-20% vun der ganzer Enveloppe fir multilateral Acteuren reservéiert. Hei ass Komplementaritéit gesicht. Esou z.B. ass am Cabo Verde an am Senegal de BIT dobäi, fir op eisen bilaterale Programmen vun professioneller Formatiounsoffer opzebauen an hirt Wëssen an Virgoen eranzebréngen, wann et ëm d'Insertion professionnelle geet, fir dass déi Jonk forméiert och eng Aarbecht fannen. Am Mali ass d'FAO dobäi als Acteur bei den ländleche Entwécklungsprogrammen.

Mat deenen Agencen, déi eis am Noosten sinn, hunn mir e multiannuellen Accord de partenariat stratégique ofgeschloss, deen, niewent de grouse Programmen, eist Engagement zu den Themen vun all Agence previsibel an transparent mécht. Ongeféier 30% vun eiser APD ginn u multilateral Partner, an dat ass och den Ratio deen mir wëlle bäibehalen. Verschidde vun dësen Accorden sinn am gaangen nei verhandelt ze ginn. Mat dësen besonneschen Organisatiounen hunn mir all Joer Consultatiounen fir iwwert hir Prioritéiten ze schwätzen an den Point ze maachen iwwert d'Programmer, déi mir finanzéieren. Mir encouragéieren d'Agencen op Lëtzebuerg ze kommen an vun hirer Präsenz ze profitéieren fir all lëtzebuergesch Acteuren ze gesinn oder zu Lëtzebuerg international Sëtzungen ze halen. UNFPA huet esou vrun kuerzem en Présencë vum Directeur exécutif hir "Suppliers conférence" zu Lëtzebuerg gehalen, a parallel dozou haten mer eis bilateral Consultatiounen mat hinnen.

Mat den Agencen finanzéieren mer och nach en zousätzleche Programm fir jonk Lëtzebuurger Résidenten an den Programm JPO (junior professionnel officer) eranzebréngen. Dat erlaabt Lëtzebuerg en bessert Verständnes vun dësen Organisatiounen ze kréien, an dëse Jonken villäicht eng professionell Zukunft do ze hunn. Et ass wichteg als Bailleur an als Lëtzebuurger Land des Präsenz ze hunn.

Niewent den Ministère, den Agencen an den Partnerlänner, sinn natierlech och d'ONGen en ganz wichtege Acteur vun der lëtzebuurger Entwécklungshëllef, deen an der genereller Strategie genannt muss ginn. Ongeféier 16% vun eiser APD ginn vun ONGen ëmgesat.

Dëst sinn an verschiddene Beräicher an Länner lokal ONGen, wéi z.B. an de palästinenseschen Territoiren oder a Westafrika mat der regionaler ONG, Enda tiers-monde an sengem Réseau.

Mir hunn och verschidden ONGen e Mandat ginn, fir Programmer ëmzesetzen, déi besonnesch gutt passen, wéi den Programme vun SOS Faim iwwert den Accès vun klengen Baueren zu Microfinance Instrumenter am Burkina Faso an am Mali. Am Kosovo hu mir och en Mandat un d'Caritas ginn fir déi vulnerabelst am Norden an am Süden vum Land ze erreechen

Den Gros vum Budget fir d'ONGen geet awer an den Kofinanzement vun den Projeten vun lëtzebuergeschen ONGen, déi en Agreement vum Ministère hunn. Dat sinn der am Moment net manner wéi 93. Vru kuerzem huet nach eng nei ONG den Agreement kritt. Mir hunn an deene leschte Joren eng Rei Ännerungen an des Zesummenaarbecht bruecht, y compris iwwert den Zukunftspak. Bei den Einzelprojeten hunn mir säit 2016 en appel à projets agefouert, fir déi beschte Projeten ze selektionéieren an ze finanzéieren. D'Kriterie fir des Sélectioun sinn zesummen mam Cercle festgeluecht ginn. Contrairement zu deem wat ee kéint mengen, sinn déi beschten Projeten vu relativ klengen ONGen, déi haaptsächlech mat Bénévole schaffen. Doniewent sinn d'Accord-cadres vereinfacht ginn an hirem administrativen Oflaf. Sécher ass do nach méi ze maachen.

Den Taux de cofinancement soll ab 2017 no Lännergruppen gestaffelt ginn, fir all Projeten an deenen äermste Länner an de Partnerlänner zu 80% ze cofinanzéieren. Den Taux fir aner Entwécklungslänner soll op 60% gesat ginn. D'Ausnahm sinn hei awer Projeten, déi d'Zivilgesellschaft als solches stäerken, déi och mat 80% cofinancéiert ginn. Well och a Schwellenlänner, wéi Indien oder Brasilien, ass et méi wéi jee indispensabel d'lokal Zivilgesellschaft an hirem Roll an dësen Sociétésiten ze stäerken, an dëst z.B. am Interessi vun indigène Völker. En Kompromëss war hei am Joer 2015 mam Cercle des ONG fonnt ginn, deen elo ëmgesat gëtt. Ech wäert sécher geschwënn d'Gelegenheet kréien fir dëst am Detail mat der zoustänneger Chamberskommissioun ze diskutéieren. Den Deel vum Kompromëss iwwert d'Reduktioun vum Kofinanzement vun den administrative Käschten vun den ONGen ass schonn am Reglement grand-ducal vum 26 Oktober publizéiert ginn. Lues awer sécher, an besonnesch erëm am Budget 2017 gi schlussendlech d'Moyen fir d'Sensibilisatiounsaarbecht vun den ONGen zu Lëtzebuerg an d'Luucht.



Dir Dammen an dir Hären,

E Partner an der Entwécklungspolitik, deen mir eréischt séit kuerzem bewosst méi abezéien, ass den Privatsecteur, d'Entreprises hei zu Lëtzebuerg an an eisen Partnerlänner. D'Konferenz vun Addis huet kloer hiren Roll ënnerstrach, mä och den Sommet vum September 2015 zu NY an och de Sommet humanitaire mondial.

D'Roll vun de multinationale Firmen gëtt oft ugesprach, mä mir schwätzen net genuch direkt mat dësen wichtegen Acteuren um Terrain. Investissementer vun hinnen kënnen Wuesstem an Aarbechtsplazen schafen, mä leider awer och Land an natierlech Ressourcen accaparéieren. Hir Steieren sinn wichtig Recette fir Entwécklungslänner, mä am Steierberäich brauchen eis Partnerlänner Kapazitéiten, notamment iwwert de Kader BEPS, fir dës Besteuerung och mat Succès kënnen ze maachen.

Ech si besonnesch frou gewiescht, dass den Michel Wurth fir ArcelorMittal Lëtzebuerg un eisen Assisen deel geholl huet an erkläert huet, wéi des Sociéitéit an den Entwécklungslänner probéiert dem nohaltegen Développement bäizesteieren.

Kleng- a mëttelgrouss Betriber hunn awer och an den Entwécklungslänner eng wichtig Roll ze spillen. Fir si ze encouragéieren op nei Marchéen ze goen, huet d'lëtzebuurger Kooperatioun am Abrëll, esou wéi vrun engem Joer annoncéiert, d'Business Partnership Facility mat engem Budget vun 1mio€ am Joer, an dat fir 3 Joer lancéiert. Den Privatsektor muss an esou engem Projet mindestens 50% cofinanzéieren. D'Secteuren, déi mer viséieren sinn ICT, Fintech, Biohealth an Eco-innovation. Dëst sinn also ganz innovativ Beräicher, déi eng Plus-value fir jiddereen schafen kënnen. Déi éischt Selektioun vun dëser Facilitéit ass grad op en Enn komm. Vun 20 Dossieren sinn der am Endeffekt 4 zeréckbehalen ginn, am Cabo Verde, am Senegal an am Burkina Faso.

D'Facilitéit ass eng Aart an Weis fir Betriber op Entwécklungslänner opmierksam ze maachen an si ze encouragéieren, mat un dem Développement deelzehuelen. Esou schafen mir Synergien mat engem Effet de levier vun onsen ëffentlechen Gelder. Eng aner Méiglechkeet bidden Wiirtschaftsmissiounen, wéi déi, déi d'Statssekretärin Closener en Margë vun der Visite vum Grand-Duc Ufank 2015 am Cabo Verde gemaacht huet, oder déi vun der Chambre de commerce am Februar 2016 an de Senegal an duerno an Äthiopien.

Mir wäichen net vun eiser Positioun of, wat d'Aide non-liée ubelaangt, mä mir hunn och keng dépasséiert ideologesch Position de principe géint den Privatsecteur. Dat wär net am Interessi vun den Entwécklungslänner.

Dir Dammen an dir Hären Deputéierten,

Mir wäerten duerch déi nei Démarche vum Agenda 2030 manner thematesch an sectoriell Strategien brauchen.

Eis dréi horizontal Themen, Gouvernance, Genre an Ëmwelt/Klima, sinn duerch den Agenda 2030 largement couvréiert, an brauchen keng spezifesch Strategie méi fir sécher ze stellen, dass des Themen an all eisen Aktiounen materanfléissen. D'Diskussioun op dësen Assisen huet dat däitlech zum Ausdrock bruecht.

Eis prioritär Secteuren vu Gesondheet, Educatioun/Formation professionnelle an lokalen a ländlechen Développement bleiwen eis Prioritéiten an brauchen hiren Référentiel. Wichtig Domainen, wéi Mikrofinanz oder ICT sinn hei éischer Hëllefsmëttelen, wéi en eegenen Secteur. Beim desjähregen Prix européen de la microfinance, ass zum Beispill ervirgehewen ginn, wéi Kanner an Jugendlecher aus aarme Familljen awer kënnen Accès zur Educatioun kréien, iwwert Mikrofinanzementer. Genau esou kënnen Schoulen besser équipéiert ginn oder Proffen besser forméiert ginn. E grouse Fokus läit hei ëmmer bei Meedercher a Fraen.

Duerch hir spezifesch Prinzipien muss och d'humanitär Hëllef eng eegen Basis behalen, mä déi soll un d'Resultater vum Sommet humanitaire mondial ugepasst ginn. Mir hu jo am Mee zu Istanbul op dësem Sommet eng Rei vun Engagementer zesummen mat anere Länner geholl, déi et elo gëllt ëmzesetzen. Vill, wat zu Istanbul recommandéiert ginn ass, hunn mir schonns an eiser Praxis, wéi multiannuell Engagementer fir d'Agencen, fir dass si schnell a Krisensituatiounen um Terrain kënnen sinn, an net fir d'éischt op Fonge waarden müssen. Déi nei multiannuell Accords de partenariat stratégique mat den humanitären Agencen sinn bal färdech verhandelt, an wäerten wann méiglech nach dëst Joer ënnerschriwwen ginn fir d'Period ab 2017.

Am Grand Bargain, deem mir zu Istanbul bäigetrueden sinn, hunn mir och versprach méi direkt mat den ONGen am Süden ze schaffen. Si sinn oft déi, déi an hiren Communautéiten nach do sinn an hëllef, wann all aner et net méi kënnen, wéi am Irak, am Yémen oder an verschidden Deeler vu Syrien. Mir hunn speziell Engagementer geholl fir z.B. Leit mat Handicap an Projeten besser ze berücksichtegen an och méi an d'Préventioun vun méiglechen Krisen ze investéieren.

Ech si frou, dass mir mat de lëtzebuerger humanitären ONGen eng Charte ënnerschriwwen hunn, fir gemeinsam des Engagementer am Respekt vun den humanitären Prinzipien vun Indépendance, Impartialitéit an Neutralitéit ëmzesetzen.

Dir Dammen an dir Hären,

Niewent der genereller an den sektoriellen Strategien brauche mir Dokumenter, déi eis Interventiounsmethoden weider codifiéieren.

Esou hunn mir säit engem Joer eng Evaluatiounspolitik, déi eis Virgehensweis an deem Beräich beschreift. Ech sinn stolz, dass eisen Engagement an eng méi strukturéiert Evaluatiounspolitik Resultater weist. Zesummen mat eiser Agence Lux-development hunn mir am Senegal säit Mee eng Revue à mi-parcours gemaacht vun dem PIC an all seng Programme fir eis Interventiounsmethode besser ze kalibréieren an schonn elo ze kucken, wéi en nächste PIC kéint ausgesinn, an dat an engem komplette Partenariat mam Senegal. D'Appropriatioun an d'Benotzen vun den nationalen Prozedure ginn hei grouss geschriwwen, genau ewéi d'Konzentratioun op eng limitéiert Zuel vu Secteuren an eng gutt Koordinatioun mat deenen aneren Bailleuren op der Plaz.

Mir wäerten ab Januar 2017 d'Presidence vum Mopan, dem "Multilateral organisations performance assessment Network", hunn. An dësem Réseau sinn all déi grouss Donateuren fir zesummen Evaluatiounen vu multilateralen Acteuren ze maachen. Lëtzebuerg ass Member säit 2014 an iwwerhëlt elo d'Présidence vun Südkorea. Eis Missioun wäert doranner bestoen, d'Finalisatioun vun den éischten 12 Rapporten ze maachen, dorënner Unids an d' Banque africaine de développement, an den 2e Tour ulafen ze loossen, mam PNUD an der Weltgesundheitsorganisatioun.

En anert Dokument, wat eis Methode soll verbesseren, ass den Plan d'action fir d'Efficaciteit vum développement, dee mir säit 2014 hunn. Dëse Plan d'action, de 2016 ausleeft, ass am gaangen ausgewäert ze ginn. Ufank 2017 wäerten mir en neie Plang ausschaffen, deen esou wuel den Agenda 2030, wéi d'Resultater vun der Konferenz zu Nairobi Ufank Dezember iwwert d'Efficaciteit a Betracht zitt an dës Prioritéiten zu séngen mécht. Paräis, Busan, Mexiko an elo Nairobi sinn d'Etappen vun dëser internationaler Démarche fir méi Efficaciteit.

Wéi gutt an efficace mer schaffen, gëtt 2017 och vum CAD vun der OCDE gepréift, wou d'lëtzebuerger Entwécklungshëllef nees enger sougenannter "Peer review" ënnerstallt gëtt. Dëst ass eng déifgräifend Analyse iwwert d'Quantitéit an d'Qualitéit vun onser APD, iwwert ons Politik an Strategien an deem Beräich, mee och iwwert d'Manier, wéi mer organiséiert sinn, iwwert ons Modalitéiten a Partenschaften. D'Transparenz gëtt och ënnert d'Lupp geholl, genau esou ewéi onsen globalen Effort fir den Développement, d.h. d'Kohärenz vun all onsen Politiken, déi en Impakt op d'Entwécklungslänner kënnen hunn.

Ech wëll op dëser Plaz och dem Comité interministériel pour la coopération au développement an all senger Memberen Merci soen, déi sech an de leschten Joeren ganz aktiv fir dës Kohärenz vun den Politiken agesat hunn, an och Avisen dozou publizéiert huet.

Här President,

Ech hunn des alljährlech Orientatiounsdebatte genotzt fir iwwert eis Basisprinzipien ze schwätzen, déi net changéieren, an awer och fir iwwert eis Methoden, Strategie an Partneriater, déi adaptéiert ginn. Ech si mer ganz bewusst, dass dat relativ technesch, a plazeweis och theoretesch ass. Dir wäert iech froe, firwat sech esou vill mat Instrumenter beschäftegen, wann 120 Milliounen Leit vun humanitärer Hëllef ofhängeg sinn, wann 65 Milliounen Leit op der Flucht sinn, wann Milliounen Kanner net an d'Schoul ginn an nach Milliounen Meedercher zwangsbestued ginn, an dat am Kanneralter?

Ech kéint säitelaang Zuelen an Témoignagen iwwert Misèren an Dramen bréngen, grujelech Situatiounen an verzweiwelt Choixen beschreiwen, déi gemaacht musse ginn.

Den Bilan vun all deem ass dramatesch. Mir geet et dréms Solutiounen ze bréngen. Dofir muss mäin Punkt si fir iech ze soen, wéi mir eise Budget an eis Kapazitéite besser, méi schnell a méi gezielt asetzen, fir dass all Euro do ukënnt wou en soll an fir dass et en Impakt huet op déi äermsten an vulnerabelsten Leit. Ech wëll och dass nohalteg Kapazitéiten opgebaut ginn, fir dass Entwécklungslänner ëmmer besser sech selwer hëllef kënnen. Et ass wesentlech, dass all eis Politiken zu dësem Ziel bäidroen.

Dofir schaffe mir, meng Équipe um Ministère, eis Leit um Terrain, Lux-development, d'ONGen, d'Volontairen an d'Professioneller. Trotz Secherheetsrisiken, Terrorismus, Militärputsch, Zika, Malaria, Dengue a villes méi, schaffen si fir dëst Ziel.

Mir kënnen stolz op si sinn!

Villmools Merci